piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand, Tourismus, Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Kuerzzäitverlouhnung vu Wunnengen iwwer Plattformen, wéi zum Beispill *Airbnb*, hëlt zu Lëtzebuerg zënter Joren zou. "*E klassesche "Bail à Loyer" zitt sech an der Reegel op mindestens een Joer. Allerdéngs lafen d'Kontrakter tëschent dem Hôte an dem Reesenden bei AirBnB am Prinzip ni iwwert een Joer. Villméi sinn d'Kontrakter éischter kuerzzäiteg, dat heescht fir maximal een Mount, meeschtens awer just e puer Deeg." (*Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°625 vun 2019)

Och wann dëst engersäits gutt ass fir den Tourismus, esou dierf net vergiess ginn, dass Lëtzebuerg nach ëmmer an enger Wunnengskris ass. Et feelt u genuch bezuelbarem Wunnraum fir d'Awunner:innen a vill Leit a prekär Situatioune bréngt. Wunnengen, déi fir d'Kuerzzeitverlounung genotzt ginn, stinn der lokaler Bevëlkerung a potenzielle Locatairen net méi zur Verfügung, mee ginn engem kommerzielle Gebrauch zougefouert. Dëst verschäerft den Drock um Locatiounsmaart a kann indirekt zu héijere Loyeren bäidroen.

D'Gréisstenuerdnung vun der Kuerzzäitverlouhnung gëtt däitlech, wann ee rezent Zuele vergläicht. Laut engem Artikel am Tageblatt vum 5ten November 2024 goufen am Joer 2023 ronn 1.100 Wunnengen fir d'Kuerzzäitverlouhnung ugebueden, wärend op der Plattform *AtHome* ongeféier 1.500 Wunnengen zur klassescher Locatioun disponibel waren. Dëse Verglach weist, datt d'Kuerzzäitverlouhnung e groussen Undeel vum disponibele Wunnraum absorbéiert an esou ee substantiellen Impakt op d'Offer u Wunnraum huet, an engem Kontext, an deem d'Wunnengskris sech weider verschäerft.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

1. Deelt d'Regierung d'Aschätzung, datt eng Kuerzzeitverlounung, déi rechneresch ronn 1.100 Wunnengen aus dem Marché hëlt, am Verglach zu nëmme ronn 1.500 zur Locatioun ugebuedene Wunnengen, e strukturellen Impakt op de Wunnengsmaart hunn?

2. Wäert d'Regierung eppes ënnerhuelen, fir dass déi vill Wunnengen an der Kuerzzäitlocatioun an de reguläre Wunnmarché agefouert ginn? Falls jo, wat ass geplangt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés